



De 26. Januar 2023 war ëm 16:30 Auer déi éischt ëffentlech Gemengerotssitzung fir dëst Joer.

### **1. Programme directeur d'aménagement du territoire**

De Landesplanungsminister Claude Turmes (déi Gréng) huet e « Plan d'aménagement du territoire » ausgeschafft, wéi d'Gemengen sech an Zukunft entwéckele sollen. No dësem Plang soll d'Biisser Gemeng méi enk mat der Nordstad zesummeschaffen, fir esou d'Nordstad selwer par rapport zur Stad Esch ze stäerken.

Heizou sollen ë.a. d'Industriezone vu Biissen a Mäerzeg (!) kollaboréieren, wat nom Avis vun der Biisser Gemeng kee Sënn ergëtt, well et keen ausgebaute Stroossereseau tëschent dësen zwou Uertschaften ergëtt, ausser et fiert een duerch déi enk Biisser Fléiergaass (Route de Boevange) an duerch d'Uertschaft Méchelbuch.

De Biisser Gemengerot plaidéiert a sengem Avis fir eng méi enk Zesummenaarbecht mat Colmar/Bierg a mat Miersch. Och soll de maximal erlaabten Taux fir d'Bebauung eropgesat ginn, well mat dësem Taux kéinten esouguer déi vum Staat gewollte Projeten ewéi den Data Center vu Google an den Automotive Campus net realiséiert ginn.

D'CSV-Fraktioun huet kritiséiert, datt am Dokument just vun der Zuchstreck tëschent Ettelbréck an Dikrich rieds geet an datt keen Ausbau vun der Zuchlinn bis op Biissen virgesinn ass.

### **2. Approbation d'un compromis**

D'Gemeng keeft dem Pep Reding säin Haus an der Rue de la Laiterie. Et ass 1,19 Ar grouss a kascht 728.000 Euro. Domadder ass d'Gemeng vun allen Immobilien an der Grand-Rue, fir do e soziale Wunnprojet ze realiséieren.

### **3. Approbation de plusieurs actes notariés**

Op engem Gemengenterrain an der Route de Cruchten um Rouscht kritt d'Creos d'Autorisatioun fir en Traffo ze installéieren.

D'Gemeng verkeeft der Firma Kiowatt déi Terrainen, wou si haut schonns hir Aktivitéiten ausübt. Den Netto-Verkaufspreis beleeft sech op 4.076.833 Euro.

### **4. Approbation de plusieurs devis**

#### **4a. Véhicule pour le service technique**

Amplaz vum Renault Zoé kritt de Service technique eng Jeep Renegade mat Plug-In Hybrid fir 40.000 Euro. De Buergermeeschter konnt net op d'Fro vum Conseiller Georges Lucius äntwerten, firwat sech de Service technique e SUV wënscht. De Renault Zoé wäert an Zukunft vum Pechert genotzt ginn. D'CSV-Fraktioun huet kritiséiert, datt am Devis d'Beschrëftung vum Auto vergiess gouf an deemno herno op engem anere Budgetsposte verbucht gëtt.

#### **4b. Véhicule pour le coordinateur technique**

De Coordinateur technique vum Atelier kritt en elektresch bedriwwenen Opel Combo-eCargo fir 40.000 Euro. D'CSV-Fraktioun huet kritiséiert, datt am Devis d'Beschrëftung vum Auto vergiess gouf an deemno herno op engem anere Budgetsposte verbucht gëtt.

#### **4c. Mise en conformité de plusieurs bâtiments communaux**

An enger Rëtsch vu Gemengegebaier ginn d'Feierlëscher ersat. Donieft ginn am Gréngen Eck Feiertekteren ausgewiesselt. An der Hal Frounert, am Wonerbatti ewéi och am Gemengenatelier gëtt d'Noutbeliichtung ersat. Dës Aarbechte kaschte 65.000 Euro.

#### **4d. Installation d'un éclairage LED pour les terrains de football**

Op deenen 2 Foussballterrine bei der Sportshal gëtt d'Belichtung op LED ëmgestallt. Dat kascht am Ganzen 220.000 Euro, mee soll op 2 Budgetsjore verdeelt ginn. De Schäfferot konnt awer net chiffrieren, wéivill Euroen d'Gemeng duerch d'Ëmstelle vun der Belichtung aspuert. D'CSV-Fraktioun huet proposéiert, datt déi al Luuchtepottoen net einfach an den Atelier geluecht sollte ginn, mee um fräie Maart verkaaft ginn.

#### **4e. Ecrans LED Indoor**

An der Sportshal ginn d'Publicitéitsbanneren duerch e LED-Affichage ersat. Zousätzlech soll – schonns no 4 Joer Betrib – déi fonctionsfähig Auer fir de Score duerch eng LED-Auer ersat ginn, déi och Videoprojektionen erméiglecht. Dat Ganzt kascht 150.000 Euro. D'CSV-Fraktioun huet sech enthalten.

#### **4f. Ecrans LED Outdoor**

Déi grouss Resultatstafel um Gras-Foussballterrain bei der Sportshal soll duerch e LED-Ecran fir 60.000 Euro ersat ginn. Esou sinn och hei Videoprojektione méiglech. Et erstaunt, datt schonns no 4 Joer Betrib de Panneau ersat soll ginn, deen deemools no de Virstellunge vum FC Atert ugeschafft gouf. D'CSV-Fraktioun huet géint dësen Devis gestëmmt.

### **5. Groupe d'action locale Leader Zentrum-Westen**

D'Biisser Gemeng mécht fir déi 1. Kéier beim Leader-Programm mat (Lafzäit 2023-2029). Et geet hei ëm d'Entwécklung vum ländleche Raum. Dat kascht d'Biisser Gemeng 5 Euro pro Awunner.

### **6. Nomination de délégués**

An der asbl « Gutt Wunnen » gëtt d'Biisser Gemeng duerch den David Viaggi vertrueden. Beim Leader-Programm "Zentrum Westen" ass de Roger Saurfeld an Zukunft de Biisser Delegéierten, an den David Viaggi säi Suppleant.

### **7. Allocation d'un don extraordinaire**

D'Fondation Lions Luxembourg kritt en Don iwwer 2.000 Euro fir d'Finanzéierung vum Transport vun engem elektresche Generator an d'Ukraine.

### **8. Approbation de plusieurs contrats de bail**

De Mietvertrag fir den Entretien vun enger 15 Zentiar Parzell um Knapp mat der Koppel Hengen-Schummer gëtt ofgeléist duerch e Virtrag mat der Koppel Hengen-Bock. D'Koppel bezilt heizou 5 Euro pro Joer un d'Gemeng.

Op der Biisser Millen goufen 9 ukrainesch Flüchtlinge gratis aquartéiert.

**9. Approbation de plusieurs contrats de travail**

Zënter dem 1. Januar 2023 schafft den Här Nicolas Zoller vu Schweebech am Service "Espace verts".

D'Dauer vun der Aarbechtszäit vun der Madame Emanuela Rocconi an der Iessstuf gouf ëm eng Stonn no uewen ugepasst. Fir dës Diskussioun an dëse Vote huet den David Viaggi de Sall verlooss.

**10. Inscription aux listes électorales**

Fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023 kënnen sech d'Net-Lëtzebuerger bis de 17. Abrëll 2023 ëm 17h00 an d'Wielerlëschten aschreiwen. Heizou huet d'Biisser Gemeng eng Informatiounscampagne lancéiert.